N°1736
Entrée le 07.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg si vill Persounen op der Sich no engem bezuelbare Logement. Net jidderee kann dobäi awer eng Wunneng oder en Haus kafen, mee ka just lounen. Well d'Loyeren hei am Land awer dacks ganz héich sinn, sinn si op d'Gestion locative sociale ugewisen. Dobäi setzt de Staat op d'Kooperatioun mat Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft. Duerch eng Konventioun mam Staat kréien d'Organisatiounen d'Recht, fir eng Agence immobilière sociale (AIS) opzemaachen, duerch déi Proprietairen den Organisatiounen hir Wunnengen zur Verfügung kënne stellen a steierlech Virdeeler fir d'Locatioun kënne kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bei wéi ville Proprietäre war d'Wunneng oder d'Haus, déi elo am Kader vun der GLS verlount ginn, virdrun d'Residence principale?

2. Kann de Ministère opgeschlësselt nom Alter (20-40 Joer, 40-60 Joer, 60-70 Joer, ab 70 Joer) d'Unzuel u Leit uginn, déi eng Wunneng oder en Haus am Kader vun der GLS verlounen?

3. Kann de Minister d'Unzuel u Wunnengen an Haiser, déi am Kader vun der GLS verlount ginn, pro Gemeng a pro 1000 Awunner an der Gemeng uginn? Ginn et hei grouss Differenze bezüglech der Unzuel vun de Wunnenge respektiv Haiser oder der Gréisst vun de betreffende Logementer?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°1736
Entrée le 27.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°1736 vum 7. Januar 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement betreffend d' « Gestion Locative sociale ».**

1. **Bei wéi ville Proprietäre war d'Wunneng oder d'Haus, déi elo am Kader vun der GLS verlount ginn, virdrun d'Résidence principale?**

De Ministère ënnerschreiwt eng Konventioun mat de GLS-Acteuren an huet deemno keng Informatiounen zu de Proprietairen vun de Wunnengen déi als GLS verlount ginn.

2. **Kann de Ministère opgeschlësselt nom Alter (20-40 Joer, 40-60 Joer, 60-70 Joer, ab 70 Joer) d'Unzuel u Leit uginn, déi eng Wunneng oder en Haus am Kader vun der GLS verlounen?**

De Ministère ënnerschreiwt eng Konventioun mat de GLS-Acteuren an huet deemno keng Informatiounen zu de Proprietairen vun de Wunnengen déi als GLS verlount ginn.

3. **Kann de Minister d'Unzuel u Wunnengen an Haiser, déi am Kader vun der GLS verlount ginn, pro Gemeng a pro 1000 Awunner an der Gemeng uginn? Ginn et hei grouss Differenze bezüglech der Unzuel vun de Wunnengen respektiv Haiser oder der Gréisst vun de betreffende Logementer?**

De Ministère huet d'Zuele fir 2024 nach net arrêtéiert, well d'Acteuren nach am gaange sinn déi lescht Decompten eranzereeche fir d'Ausbezuele vun de GLS-Wunnengen.

De GLS-Acteur kritt vum Ministère ee Montant forfaitaire pro Wunnunitéit, egal ob et een Haus oder eng Wunneng ass, an egal wéi eng Gréisst. Déi Donnéeën huet de Ministère deemno net.

Hei ënne fannt dir d'Unzuel vun de GLS-Wunnenge fir den Exercice 2023 pro Gemeng.

| Commune | Nbre lgts | Commune | Nbre lgts | Commune | Nbre lgts |
|---|---|---|---|---|---|
| Beaufort | 4 | Grosbous-Wahl | 2 | Reisdorf | 1 |
| Bech | 6 | Habscht | 6 | Remich | 8 |
| Beckerich | 6 | Heffingen | 0 | Roeser | 15 |
| Berdorf | 1 | Helperknapp | 7 | Rosport-Mompach | 1 |
| Bertrange | 4 | Hesperange | 16 | Rumelange | 14 |
| Bettembourg | 25 | Junglinster | 13 | Saeul | 0 |
| Bettendorf | 1 | Kärjeng | 27 | Sandweiler | 4 |
| Betzdorf | 1 | Kayl | 16 | Sanem | 36 |
| Bissen | 0 | Kehlen | 11 | Schengen | 6 |
| Biwer | 3 | Kiischpelt | 5 | Schieren | 2 |
| Boulaide | 2 | Koerich | 0 | Schifflange | 19 |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Bourscheid | 5 | Kopstal | 2 | Schuttrange | 0 |
| Bous-Waldbredimus | 3 | Lac de la Haute-Sûre | 0 | Stadtbredimus | 0 |
| Clervaux | 23 | Larochette | 1 | Steinfort | 6 |
| Colmar-Berg | 8 | Lenningen | 1 | Steinsel | 2 |
| Consdorf | 4 | Leudelange | 0 | Strassen | 6 |
| Contern | 4 | Lintgen | 9 | Tandel | 4 |
| Dalheim | 5 | Lorentzweiler | 5 | Troisvierges | 7 |
| Diekirch | 43 | Luxembourg | 118 | Useldange | 5 |
| Differdange | 112 | Mamer | 8 | Vallée de l'Ernz | 0 |
| Dippach | 6 | Manternach | 1 | Vianden | 4 |
| Dudelange | 66 | Mersch | 34 | Vichten | 1 |
| Echternach | 12 | Mertert | 7 | Waldbillig | 0 |
| Ell | 1 | Mertzig | 3 | Walferdange | 18 |
| Erpeldange-sur-Sûre | 9 | Mondercange | 3 | Weiler-la-Tour | 1 |
| Esch-sur-Alzette | 117 | Mondorf-les-Bains | 11 | Weiswampach | 8 |
| Esch-sur-Sûre | 1 | Niederanven | 8 | Wiltz | 23 |
| Ettelbruck | 70 | Nommern | 2 | Wincrange | 13 |
| Feulen | 1 | Parc Hosingen | 6 | Winseler | 2 |
| Fischbach | 3 | Pétange | 38 | Wormeldange | 2 |
| Flaxweiler | 1 | Préizerdaul | 7 | | |
| Frisange | 13 | Putscheid | 8 | | |
| Garnich | 1 | Rambrouch | 6 | | |
| Goesdorf | 7 | Reckange-sur-Mess | 2 | | |
| Grevenmacher | 16 | Redange-sur-Attert | 7 | | |

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2025
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch